LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 28 MARS 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 MARS 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire 451

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°451 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

130-000008-20040525-FR

Réponse de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°451 du 5 mars 2019 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen

1. Gëtt et eng Opstellung vun all dësen Déiercher, déi déi lescht 30 Joer bei eis nei an d'Land komm sinn?

Jo, esou eng Lëscht existéiert op neobiota.lu. Hei sinn déi verschidde Planzen, Déieren an aner Organismen opgelëscht, déi schonn zu Lëtzebuerg ukomm sinn, mee och déi, déi an Zukunft kéinten optauchen. Et ass ze bemierken, datt d'Lëscht sech net op déi lescht 30 Joer beschränkt.

2. Wa jo: Wéi gesäit dëse Relevé aus?

Op der Lëscht stinn:

- 61 Neophyten (Planzen)
- 77 Neozoa (Déieren)
- 2 Neomyceta (Champignonen)

3. Wann nee: Wär de Ministär bereet esou een Relevé opzestellen?

/

4. Wat fir eng Insekten, Reptilien, Waasserdéier oder aner kleng Déier hunn een Afloss op eis bestoend Déierewelt, mat allen negativen oder positiven Aspekter?

D'Lëscht vun den invasiven exoteschen Aarten ass grouss. Wann een iwwert invasiv exotesch Aarte schwätzt, da muss een éischter déi negativ Aspekter ernimmen.

Biologesch Invasioune ginn oft als dei 2. Ursaach fir e Biodiversitéitsverloscht weltwäit consideréiert. Neobiota kënnen d'Strukturen an de Fonctionnement vum Ökosystem veränneren. Si si besser équipéiert an dowéinst sinn se och mei konkurrenzfäeg. Niewebäi hunn déi eenheemesch Aarten oft keen evolutiounsbiologesch baséierte Verdeedegungssystem géint d'invasiv exotesch Aarten.

Ee weidere wichtege Facteur ass datt invasiv exotesch Aarten och kënne Krankheeten a Parasite matbréngen, déi fir eis Fauna a Flora geféierlech sinn.

Op www.neobiota.lu fënnt een fir d'invasiv exotesch Aarten eng wëssenschaftlech Aschätzung vun hierem ökologeschen Impakt.

5. Wat fir eng Moossnamen huet d'Regierung bis elo geholl, fir dësem illegalen Import entgéint ze wierken?

Am Kader vum EU Reglement n°1143/2014 muss all Memberstaat vun der EU eng Analyse vun de prioritären "Aféierungsweeër" maachen an duerno een oder méi Aktiounspläng opstellen. Eng éischt Analyse gouf scho gemaach. Op Basis vun dëser Analyse schafft den Ëmweltministär den Ament een Aktiounsplang aus.

Doniewt ginn och am Kader vum EU Reglement Kontrolle gemaach, fir ze verhënneren, datt invasiv exotesch Aarten hei am Land ageféiert ginn.

Déi zoustänneg Verwaltungen, wéi z.B. d'Douane, solle Kontrolle vu Wuere mat engem bestëmmte Risiko maachen an iwwerpréiwen, ob Aarten op der EU-Lëscht stinn. Wann dëst de Fall ass, musse si kontrolléieren ob eng Geneemegung besteet.

Bei vereenzelten Aarten, wéi z.B. dem Wäschbier, dem Asiateschen Holzbock oder der Rout-Baken-Deckelsmouk ginn et schon aner legal Texter wéi d'Schutzmoossnahmen an der Land- a Forstwirtschaft an d'Conventioun vu Washington (CITES) déi z.B. den Handel an d'Kontroll ofdecken.

Et bleift ze bemierken, datt vill vun den invasiven Aarten net duerch illegalen Import an eist Land komm sinn, mee nom Import an aner europäesch Länner sinn déi duerch eng natierlech Verbreedung bis op Lëtzebuerg komm.